



**Äntwert vun der Justizministesch, Elisabeth MARGUE op d'parlamentaresch Fro n° 141 vum 29. Dezember 2023 vun der honorablen Deputéiert Madamm Nancy ARENDT, ép. KEMP**

**Ad 1)**

Aus dem Rapport vum Comité de coopération entre professionnels dans le domaine de la lutte contre la violence vum Joer 2022, ginn folgend Zuelen iwwert d'Police Interventioune an Expulsioune am Kader vu haislecher Gewalt eraus :

Joer	Police Interventioune	Expulsioune
2018	739	231
2019	849	265
2020	943	278
2021	917	249
2022	983	246

Wat d'Jugementer vun haislecher Gewalt ugeet, ginn aus de Rapporte vum Comité violence folgend Zuelen eraus :

2018 : 155 Jugementer

2019 : 148 Jugementer

2020 : 129 Jugementer

2021 : 162 Jugementer

2022 : 153 Jugementer

Laut dem Tableau gouf tëscht 2019 an 2020 eng däitlech Hausse vun de Police Interventioune enregistréiert. Dat kann dorunner leien dass ab 2020 wéinst der Covid Pandemie verschidde Mesurë vun der Regierung geholl goufen, dorënner och de Lockdown, déi d'Konflikter am Stot erhéicht kënne hunn. Dëst kann och d'Erhéijung vun de Jugementer am Joer 2021 verursaacht hunn. Anersäits gouf et bei den Expulsioune keng substantziell Hausse, wat schlësse léisst dass et éischer eng Hausse vun de Konflikter an de *violences légères* war an net vun der méi uerger Violence.

Déi meeschte Police Interventioune gouf ët 2022. Verschidde Facteuren kënnen dës Entwécklung erklären, wéi zum Beispill den Impakt vun de verschidde Campagnen an Informatiounsaktivitéiten déi de grouse Public sensibiliséieren an ureegen d'Police ze ruffen.

**Ad 2)**

Leider erméiglecht d'Datebank JUCHA déi gefroten Zuelen net eraus ze zéien.

**Ad 3)**

Hei drënner sinn d'Zuelen vun de Fraen déi vun hirem Partner ëmbruecht goufen :

2018 : 2

2019 : 2

2020 : 0

2021 : 0

2022 : 2

**Ad 4)**

Et sief bemierkt, dass d'Foussfessel schon haut am Code de procédure pénale am Kader vum Contrôle judiciaire virgesinn ass (Art. 107 vum CPP). Dëse Contrôle judiciaire mat Foussfessel ka vun der Chambre du Conseil vun de Bezierksgeriichter a vun der Cour d'appel oder vum Untersuchungsriichter ordonnéiert ginn. D'Foussfessel kann och am Kader vum Strofvollzuch vum Procureur général, bzw. vu séngem Délégué fir de Strofvollzuch, ënner verschiddene Konditiounen ordonnéiert ginn (Art. 688 vum CPP).

Wéi et de Koalitiounsaccord 2023-2028 virgesäit, wäert de legalen an technesche Kader ronderëm d'Foussfessel, ënner anerem d'Foussfessel mat GPS-Funktioun, analyséiert ginn fir dass déi néideg Upassunge kënne geplangt ginn.

Lëtzebuerg, den 29. Januar 2024.

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue